Jeudi, 18 décembre 2008

SÉANCE 23

Rectificatif

Discours de Mme Marie-Josée Frank (CSV) remplaçant celui publié à la page 261 du Compte rendu N°8/2008-2009

4909 - Proposition de loi sur l'euthanasie et l'assistance au suicide

Mme Marie-Josée Frank *(CSV)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, haut de Moien, wéi mer iwwert d'Palliativgesetz heibannen diskutéiert hunn, hunn ech mech an enger vill besserer Stëmmung gefillt, well d'Palliativengagement, dat setzt voll, fir sech ëm de Mënsch en fin de vie a senger Ganzheet anzesetzen.

Et ass haut de Moien a villen Diskussiounen hei ganz räsonnabel Argumenter duergeluecht ginn, wou ech och all deene Mënschen, déi haut hei geschwat hunn, mäi Respekt muss ausschwätzen. An awer, muss ech soen, bedaueren ech ganz staark, datt, wa mer haut hei e Gesetz zum Vote gestallt hunn, fir d'palliatiivt Encadrement ze garantéieren, datt an den Aussoe vun haut de Mëtteg ganz vill Leit vun hiren eegenen Erfahrunge geschwat hunn.

An ech kann dat novollzéien, mä eent musse mer bedenken, Kolleeginnen a Kolleegen, mir liewen am 21. Jorhonnert. Haut gëtt et vill Mënschen, déi ënner net deene schwierege Konditioune mussen hiert Liewensenn kréien, wéi dat an dem leschte Jorhonnert de Fall war. Ech hunn et haut de Moie scho gesot: Vill Mënschen hu missen onnëtz leiden, sinn onnëtz laang un enger Apparatmedezin gehaange gelooss ginn a ginn et och nach haut. Mä ech hoffen, datt Dir meng Astellung esou respektéiert wéi ech Är respektéieren.

Ech muss haut an hei bezeien, datt ech nimools a menger 25-jähreger Praxis als Infirmière derbäi war, wou bewosst engem Mënsch säi Liewen zu Enn gesat ginn ass. Ech soen lech awer, et ware Situatiounen, wou ech ganz jonk Infirmière war, an déi mer och haut, wéi ech haut an d'Chamber gefuer komm sinn, mer erëm a mäi Bewosstsënn komm sinn.

Et ass eng Patientin, déi hat ganz vill Péng. Ech si bei den Dokter gaangen an hu gesot: Déi Fra, déi muss gehollef kréien. Déi muss méi Morphium kréien. Den Dokter sot zu mir: Sprëtz dräi véirel Dipidolor. D'Madame Stein weess, wat dat ass. Ech kann lech soen, ech hunn dat gemaach, war nach e bësse bei der Patientin, sinn erausgaangen, sinn op eng aner Schell gaangen, sinn no zéng Minutten erakomm, an d'Patientin war dout.

Un deem Beispill wëll ech lech soen, datt ech net an der Intentioun hat, deem Liewen en Enn ze setzen, mä déi Frau, déi hat immens vill Péng a si huet deemools schonn, ier mer vun engem Palliativgesetz geschwat hunn, gehollef kritt, fir datt se net méi esou vill Péng soll hunn. Awer d'Liewen ass doduerch verkierzt ginn.

An dat ass dat, Kolleeginnen a Kolleegen, wat mer am Palliativgesetz haut hei gestëmmt hunn. Fir mech ass d'Euthanasie, egal wéi een d'Kand nennt, egal wéi een et be- an ëmschreift, vun deem Moment un, wou den Élément intentiel, intentionnel um Spill steet, dat bewosst Doutmaachen, bewosst déi Sprëtz ginn, wou ee weess, elo gëtt a kierzester Zäit dem Liewen en Enn gesat, wou bewosst an der Proposition de loi steet, datt den Akt vun der Euthanasie en Acte médical gëtt.

Kolleeginnen a Kolleegen, dat sprengt bei mir d'Rumm vun deem, wat ech kënnt jee hei am Haus hëllefen ënnerstëtzen. Et ass hei vu Familljegeschichte geschwat ginn. Och ech hu meng Familljegeschicht. An ech si wierklech menger Mamm, menger Famill an all deenen, déi sech ewell säit Jorzéngten an den Asaz vun de Mënschen en fin de vie këmmeren a mat Häerz a Séil engagéieren, an déi wéi ech géint eng aktiv Euthanasie sinn, bleiwen ech bei menger Grond-, Grondiwwerzeegung. An ech kann och nimools och nëmme fir eng ofgeschwächte Form matstëmmen, do, wou mer soen, wou et ëm Exceptions d'euthanasie geet. Ech fäerten den Abus. Ech hunn Angscht virun der Kontrollkommissioun. Well wie garantéiert - an dat ass och haut de Moien hei gesot ginn -, wie garantéiert, datt dat an allen Detailer zu Recht analyséiert ginn ass? An duerfir, Kolleeginnen a Kolleegen, ech hoffen, datt Dir an all déi dobausse mäi Vote respektéieren.

Merci.

Mercredi, 21 janvier 2009

SÉANCE 25

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Laurent Mosar, Vice-Président

Sommaire

1. 5758 - Projet de loi relative à l'obligation scolaire
- *Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle: M. Fernand Diederich*
- *Discussion générale: M. Gilles Roth, M. Eugène Berger (déposant un amendement)*

2. 5760 - Projet de loi concernant le personnel de l'enseignement fondamental (suite)
- *M. Eugène Berger (dépôt d'un amendement)*

3. 5758 - Projet de loi relative à l'obligation scolaire (suite)
- *Discussion générale (suite): M. Claude Adam, M. Robert Mehlen, Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*

4. 5759 - Proiet de loi portant organisation de l'enseignement fondamental (suite)
- *Vote sur l'amendement 1 (rejeté)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

5. 5760 - Projet de loi concernant le personnel de l'enseignement fondamental (suite)
- *Vote sur l'amendement 1 (rejeté)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
- *Vote sur la motion 1 (rejetée)*

6. 5758 - Projet de loi relative à l'obligation scolaire (suite)
- *Vote sur l'amendement 1 (rejeté)*
- *Vote séparé sur l'article 4 (adopté)*
- *Vote séparé sur l'article 5 (adopté)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

7. 5847 - Projet de loi portant modification

1) de la loi du 7 octobre 1993 ayant pour objet a) la création d'un Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques; b) la création d'un Centre de Technologie de l'Éducation; c) l'institution d'une Commission d'Innovation et de Recherche en Éducation;

2) de la loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées et lycées techniques;

3) de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État
- *Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle: M. Jos Scheuer*
- *Discussion générale: M. Fred Sunnen, M. Eugène Berger, M. Claude Adam, M. Robert Mehlen, Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouve: Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre.

(Début de la séance publique à 9.01 heures)

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, d'Sitzung vun haut de Moien ass op.

Ech begréisse ganz häerzlech och d'Regierung an der Persoun vun der Madame Delvaux a wéilt se froen, ob se der Chamber iergendwellech Matdeelung ze maachen huet.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*.- Neen, Här President, net elo.

M. le Président.- Très bien. Da kënne mer direkt zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Moie kommen. Dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi iwwert d'Schoulflicht. Et si bis eloageschriwwen: d'Häre Roth, Berger an Adam. D'Wuert huet de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Diederich.

1. 5758 - Projet de loi relative à l'obligation scolaire

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle

M. Fernand Diederich *(LSAP), rapporteur*.- Här President, Madame Minister, Kolleeginnen a Kolleegen, dëse Projet de loi iwwert d'Obligation scolaire ass de 24. August 2007 duerch d'Madame Minister vun der Éducation nationale déposéiert ginn. De parlamentaresche Grupp DÉI GRËNG huet den 11. Dezember 2007 Virschléi fir Amendementer eraginn. Niewent den Avisë vu véier Beruffschamberen huet de Conseil d'État säin Avis a säin Avis complémentaire iwwert d'Amendementer vun der Chamberskommissioun ofginn. De Projet de rapport, deen eis haut virläit, ass an der Réunioun vum 7. Januar 2009 ugeholl ginn.

Bis elo sinn déi gesetzlech Bestëmmungen iwwert d'Obligation scolaire am Gesetz vum 10. August 1912 iwwert d'Organisatioun vum Primärschoulunterrecht festgeluecht.

D'Situatioun huet sech natierlech zënter där Zäit wesentlech verännert, besonnesch nodeem, säit der Reform vum 3. Juni 1994, d'Komplementärklasse vum Primärschoulunterrecht duerch de Régime préparatoire vum technesche Sekundarunterrecht ersat gi sinn.

Haut ginn d'Schüler normalerweis op d'mannst dräi Joer vun hirer obligatoresche Schoulzäit an den Enseignement secondaire oder an den Enseignement secondaire technique. Sou datt et ubruecht ass, déi grouss Prinzipien iwwert d'Schoulflicht an engem Spezialgesetz festzehalen, niewent dem Gesetz iwwert d'Organisatioun vum Enseignement fondamental, dat mer gëschter jo hei diskutéiert hunn.

Den Text, deen eis virläit, schléit d'Verlängerung vun der obligatorescher Schoulzäit vun 11 op 12 Joer vir, mat als Ausgangspunkt den éischte Cycle vum Enseignement fondamental, deen obligatoresch ass fir all Kand dat véier Joer huet virum 1. September. Et besteet keen Zweifel, dass e längere Schoulbesuch mat engem besseren Encadrement derzou bäidréit, besser sozialiséiert a méi responsabel Bierger ze forméieren, besser forméiert Acteuren um wirtschaftleche Plang a Persounen, déi besser dorop virbereet sinn, sech den Erausfuerderungen an de schnelle Veränderungen an der Welt an an der Wëssensgesellschaft am Speziellen ze stellen.

Ausserdeem sinn d'Veränderunge vun de soziofamiliäre Strukturen e Grond, d'Dauer vun der Schoulflicht ze verlängeren. Nëmmen zéng Länner vun der Europäescher Unioun, dorënner Lëtzebuerg, limitéieren d'Enn vun der Schoulflicht op den Alter vu 15 Joer.

Par rapport zur aktueller Gesetzgebung bréngt de Projet de loi haaptsächlech folgend Änderungen: D'Netbeuechtung vun der Obligatioun, de Préscolaire ze besichen, gëtt sanktionabel. Bis elo war de Besuch vum Préscolaire zwar obligatoresch, mä et bestounge keng penal Sanktiounen.

Dee méi contraignantë Charakter vum éischte Cycle vum Fundamentalunterrecht erkläert sech duerch d'Wichtegkeet, déi enger fréier Sozialiséierung an den éischte Léierschrëtt vun de Kanner bäigemooss gëtt.

D'Etüd iwwert den „Décrochage scolaire au Luxembourg", deen de Ministère vun der Éducation nationale am Schouljoer 2006/2007 realiséiert huet, weist, datt de Prozentsaz vun de Schoulofbriecher an de leschte Jore staark ofgeholl huet. D'Etüd beschäftegt sech mat deene Schüler, déi d'Lëtzebuerger Schoulen ouni Ofschlossdiplom verloossen, an - ënner hinnen - mat den Décrocheurs scolaires, déi sech a keng aner Schoul aschreiwen a keng aner Formatioun maachen.

De Fait, dass den Taux vum Décrochage zréckgaang ass, ass dorop zréckzeféieren, datt de Ministère de Kampf géint d'Exclusion scolaire zu enge vu senge Prioritéite gemaach huet. Fir d'Schüler mat Schwieregkeete sinn zum Beispill d'Classes relais geschaf ginn, an e systematesche Suivi vun de Schüler duerch d'Action locale pour jeunes huet derzou bäigedroen, de Prozentsaz vun deenen, déi d'Schoul opginn, ze reduzéieren.

Trotzdeem sinn et 9% Schüler, déi definitiv d'Schoul ouni Diplom verloossen. Als Ursaach ginn d'Schüler meeschtens e Mangel u Motivatioun un; de Fait, datt se keng Léierplaz fonnt hunn; den Échec; de falsche Choix, wat hir Formatioun ubelaangt, oder eng falsch Orientatioun.

D'Schoul muss preventiv virgoen, fir déi Jugendlech, déi a Schwieregkeete sinn, iwwert d'Dauer vun der Schoulflicht eraus an der Schoul ze halen, bis se eng Qualifikatioun erreecht hunn. Et ass fir d'Gesellschaft onméiglech, laangfristeg dës Schouloofbriecher, déi de Risque lafe marginaliséiert ze ginn, ze absorbéieren.

Aus deem Grond gesäit de Gesetzesprojet vir, datt Équipë vun Éducateure kënnen an deene Lycéeën agesat ginn, déi sech an engem Projet fir d'Verbleiwe vun de Schüler an der Schoul engagéieren.

De Projet de loi hält och déi dräi Unterrechtssprooche vun der Lëtzebuerger Schoul explizit fest: Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch. Derogatiounen dozou si méiglech zum Beispill fir d'Cours intégrés, zum Beispill am Portugiseschen an der Mammesprooch, oder fir de Bac international an englescher Sprooch.

Véierte Punkt, d'Obligatioun fir en neutralen Unterrecht ass och am Gesetz ageschriwwen. Am Respekt vun der Gewëssensfräiheet vun de Schüler ass et fir d'Enseignantë verbueden, mat Ausnahm vun den Enseignantë vun der Instruction religieuse et morale, hir perséinlech Convictiounen duerch hir Kleedung oder en anert äussert Zeechen auszedrécken.

D'Beruffschambere begréissen engersäits d'Extensioun vun der Schoulflicht, mengen awer, datt eng linear Verlängerung nëmmen eng quantitativ Moossnam ass, a vermëssen eng richteg Strategie fir eng qualitativ Verbesserung vum Unterrecht.

Am Artikel 12 gëtt awer festgehalen, datt fir d'Schüler mat gravë Léierschwieregkeeten an de Lycéeën Aktivitéiten ugebuede ginn, fir hinnen eng éducativ Hëllef unzebidden, se an hirer schoulescher Aarbecht ze ënnerstëtzen a se fir Aktivitéiten um sportlechen, kulturellen a gesellschaftleche Plang ausserhalb den normale Schoulzäiten ze interesséieren.

Fir dës Mesuren ëmzesetzen, gëtt d'Regierung autoriséiert, de Personalkader vun de Lycéeën an den technesche Lycéeën duerch d'Astellung vu 60 Éducateurs gradués am Laf vun deenen nächste fënnef Joer iwwert den Numerus clausus eraus ze erweideren.

D'Chambre des Métiers an d'Chambre de Travail proposéieren, d'Schoulflicht op d'Éducation précoce auszedehnen, fir op déi Manéier déi fréizäiteg Sozialisatioun an Integratioun vu Kanner mat verschiddenem kulturellen a sproochleche Background ze favoriséieren.

Heiansdo ass ze soen, datt eng méi grouss Responsabilitéit vun den Eltere gewënscht ass an datt se selwer entscheede kënnen, ob se op d'Offer vun de Gemengen zréckgräife wëllen, déi d'Éducation précoce ubidde mussen.

De Conseil d'État begréisst d'Bestëmmunge vum Projet de loi, fënnt awer, datt d'Artikelen iwwert d'Recht op d'Éducation précoce an iwwert d'Missioune vun der Schoul net an d'Gesetz geféieren. D'parlamentaresch Kommissioun besteet awer drop, datt am Artikel 2 festgehale gëtt, datt all Kand mat dräi Joer, dat op dem Territoire vum Grand-Duché wunnt, e Recht huet op d'Éducation précoce, déi déi erzéieresch Aktivitéite vun der Famill komplettéiert.

D'Kommissioun betount ausserdeem am Artikel 1 de Stellewäert vum öffentlechen Unterrecht, esou datt de Privatunterrecht nëmmen en alternative Charakter kann hunn.

D'Kommissioun ass och der Meenung, datt am Artikel 3 d'Missioune vun der Schoul solle figuréieren.

D'schoulesch Formatioun favoriséiert d'Entwécklung vum Kand, seng Kreativitéit an d'Vertrauen a seng Méiglechkeeten. Si erlaben et him, sech eng Culture générale unzëeegnen, bereeden et op d'Beruffsliewe vir an op d'Ausübung vu senger Verantwortung als Bierger an enger demokratescher Gesellschaft.

D'Kand gëtt erzunn zu den ethesche Wäerter, déi op der Déclaration universelle des droits de l'Homme baséieren, a gëtt dozou ugehalen, d'Gläichheet tëschent Jongen a Meedercher ze respektéieren. Fir d'Chancëgerechtegkeet ze förderen, sollen entspriechend Moossnamen den Zougang vu jiddwerengem zu den eenzelne Schoultypen a Schoulniveauen, jee no senge Fäegkeeten a spezielle Besoinen, erméiglechen.

Den Artikel 7 beseet, datt all Kand, wat am Grand-Duché wunnt a véier Joer al ass, virum 1. September d'Schoul besiche muss. Hei ass also d'Obligatioun, während am Précoce eben den Droit ageschriwwen ass. Dës Obligatioun erstreckt sech iwwer 12 Joer ab dem 1. September vun dem betreffende Joer. Den Unterrecht fënnt statt an der öffentlecher Schoul, an all Coursen a schoulesch Aktivitéite musse regelméisseg besicht sinn. Viséiert sinn hei besonnesch Kanner, déi aus reliéise Grënn eng Dispens vun de Coursen an der Éducation physique oder der Biologie ufroe wéilten.

Den Unterrecht kann awer och ofgehale ginn an enger Privatschoul, enger Europaschoul oder am Ausland. Ausnahmsweis kann en och doheem stattfannen, ënnert de Bedingungen, déi duerch d'Gesetz festgeluecht sinn.

Kanner mat spezifesche Besoinë kënnen en differenzéierten Unterrecht kréien, jee no hire Besoinen, déi duerch eng Commission d'inclusion scolaire festgestallt gi sinn. Den Artikel 11 hält fest, datt de Schüler mat 15 Joer eng Léier kann ufänken an enger Formation en alternance, andeem hien d'Cours concomitants besicht von der Beruffsausbildung an domat der Obligation scolaire nokënnt.

D'Gemengeverwaltung informéiert d'Elteren iwwert den Ufank vun der Schoulflicht vun hirem Kand a schreift et d'office an der Schoul vum Schoulressort vun hirem Wunnsëtz an. D'Eltere schreiwen hiert Kand an engem Lycée an, an deem Moment wou et d'Opnahmebedingungen erfëllt. Op Demande vun den Elteren hin a mat Genehmegung vum Gemengerot kann d'Admissioun an den éischte Cycle vum Enseignement fondamental ëm e Joer zréckgestallt ginn, wann de Gesondheetszoustand oder déi physesch oder intellektuell Entwécklung vum Kand dat justifiéiert.

Mir hu gëschter gesot, mengen ech, datt et net méi méiglech ass, eng anticipéiert Opnahm ze kréien am Préscolaire, well mer jo mat dräi Joer kënnen de Précoce da besichen. D'Eltere schécken hir Demande un d'Gemeng mat engem Certificat vun engem Pediater.

Wann e Kand an der Schoul feelt, mussen d'Elteren direkt den Titulaire respektiv de Régent de classe informéieren iwwert d'Motiver vun der Absence. Déi eenzeg legitim Motiver sinn: d'Krankheet vum Kand, den Doud vun engem Familljemember an de Cas de force majeure. D'Dispense vum Schoulbesuch kënnen op eng Demande motivée vun den Elteren accordéiert ginn, duerch den Titutaire respektiv de Régent de classe fir eng Dauer, déi net iwwer een Dag erausgeet, duerch de President vum Comité d'école oder de Schouldirekter fir eng Dauer, déi iwwer een Dag erausgeet. Mat Ausnahm vun der Autorisatioun vum Minister kënnen d'Dispensen net méi wéi 15 Deeg, dovunner fënnef Deeg hannereneen, pro Joer bedroen.

De Schäfferot oder de Büro vum Gemengesyndikat iwwerwaacht d'Anhale vun der Obligation scolaire. All Joer fir den 1. Oktober stelle se eng Lëscht op vun alle Kanner, déi an der Gemeng wunnen an ënnert d'Schoulflicht falen. Wann de Schäfferot oder de Büro vum Syndikat vum Président du comité d'école respektiv vum Direkter informéiert ginn ass, Infractiounen zum Gesetz feststellt, setzt hien d'Eltere schréftlech a Kenntnis, d'Gesetz ze respektéieren, an informéiert se iwwert déi strofrechtlech Sanktiounen, déi se riskéieren.

Wann d'Elteren der Opfuerderung net nokommen an engem Délai vun aacht Deeg vun der Mise en demeure un, informéiert de Schäfferot déi territorial zoustänneg Geriichtsinstanz. D'Amenden, déi kënnen ausgesprach ginn, belafe sech op tëschent 25 an 250 Euro.

Dat war de Rapport iwwert d'Obligation scolaire, déi sech och areit an dee ganze Pak vun de Gesetzer, déi mer wéi gesot gëschter ugefaangen hunn ze stëmmen. Et ass och e wichtegt Gesetz.

Ech wéilt heimat lech Merci soe fir d'Nolauschteren an den Accord vu menger Fraktioun bréngen. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. Éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Här President, Madame Minister, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet iwwert d'Obligation scolaire, also d'Schoulflicht, ass textméisseg dee kierzeste Projet vum Reformpak iwwert d'Schoul. En ass awer duerfir net manner wichteg. De Gesetzesprojet regelt méi wéi déi eigentlech Schoulflicht. Et ass vill méi eng Grondcharta, no där eis Schoul vum Précoce bis zu dem Lycée an Zukunft soll fonctionnéieren.

D'CSV-Fraktioun fënnt et richteg, dass niewent dem Artikel 23 aus der Verfassung och eng generell gesetzlech Rumm fir d'Schoul weiderbesteet. Dat ëmsou méi, well dëse Kader sech generell op all Kand applizéiert vum 3. bis zu sengem 18. Liewensjoer.

Ech félicitéieren dem Rapporteur Fernand Diederich fir säin ausféierleche schréftlechen an och elo mëndleche Bericht.

Här President, mat dësem Gesetzesprojet huet an Zukunft all Kand mat dräi Joer e Recht op eng schoulesch Ausbildung. Iwwer zéng Joer nodeems de Précoce mat vill Gedeessems deemools duerch déi deemoleg CSV-Unterrechtsministerin Erna Hennicot agefouert gouf, gëtt en elo eng gesetzlech Flicht souwuel fir de Stat wéi fir d'Gemengen. Si musse genuch Plazen an dem Précoce schafen, fir dass all Kand, egal wou et am Land wunnt, dëst Recht och effektiv kann notzen. D'CSV-Fraktioun ënnerstëtzt dës Bestëmmung ausdrécklech. Si seet vill méi aus wéi en dräi Zeile laange Gesetzesartikel.

Här President, mat dësem Gesetz gëtt de Précoce en Deel vun der Schoulausbildung. De Stat verflicht sech, sech niewent den Elteren ëm d'Éducatioun vun all Kand ab sengem drëtte Liewensjoer mat ze bekëmmeren.

D'Bildungshëllef vun der öffentlecher Hand ass fakultativ. Si muss net vun den Elteren an Usproch geholl ginn. D'Eltere kënnen awer op dës Bildungshëllef ganz oder deelweis zréckgräifen. Maache se dat, ass d'Hëllef verfassungsrechtlech an der öffentlecher Schoul gratis. Et ass deemno fir de Stat an d'Gemengen och Flicht, landeswäit deeselwechten Niveau vun der Ausbildung op deem Plang ze garantéieren.

An deem Kontext huet de Précoce fir d'CSV d'Aufgab vun der mëndlecher Alphabetiséierung. De Précoce huet fir eis d'Missioun vun der Sozialiséierung vun dem Kand ab sengem drëtte Liewensjoer.

Eis Gesellschaft huet sech a senger demographescher Zesummesetzung nämlech iwwert déi leschten 30 Joer bedeitend verännert. An de 70er Jore louch den Undeel vun der auslännescher Bevölkerung bei 18%. Et hunn deemools knapp 65.000 Netlëtzebuerger bei eis gewunnt. Am Joer 2008 wunnen 205.000 Netlëtzebuerger am Land. An der Spillschoul louch am Joer 1970 den Undeel vun den auslännesche Kanner bei 21%. Haut läit deen Taux bei ronn 45%.

1970 koumen déi auslännesch Kanner aus den direkten Nopeschlänner oder aus Italien oder Portugal. Haut ass d'Situatioun eng aner. Vill Netlëtzebuerger, déi bei eis wunnen, kommen aus ganz verschiddenen EU-Länner an oft vu wäit doriwwer eraus.

Mä och um Plang vun eise Famillje gëtt et verännert Verhältnisser. All zweet Bestiednis geet an d'Bréch. D'Zuel vun den Elengerzéier gëtt méi grouss. D'Zuel vun den Eenzelkanner hëlt zou. An ëmmer méi Stéit sinn déi zwee Partner beruffstäteg.

Evolutioun vun der Bevölkerung, Sproochevielfalt vun der Schoulpopulatioun, verännert familiär Verhältnisser: All dëse gesellschaftlechen Entwécklunge muss d'Schoul sech stellen. D'Schoul steet virun enger verännerter Integratiounsmissioun.

Am Interesse vun dem gesamte sozialen Zesummenhalt muss d'Schoul sech dëser Erausfuerderung duerfir esou fréi wéi méiglech stellen. De Précoce ass dorop déi richteg Äntwert. All Kand am Land, ob Lëtzebuerger oder net Lëtzebuerger, huet elo duerch d'Gesetz e Recht op eng schoulesch Bildung ab sengem drëtte Liewensjoer. Dat ass e wichtege Schrëtt fir méi Chancëgläichheet. Duerfir begréisst d'CSV-Fraktioun dës Approche ausdrécklech.

Här President, de Gesetzesprojet beinhalt och eng Bestëmmung, déi d'Missioun vun der Schoul festleet. Esou soll d'Schoul d'Entwécklung vum Kand förderen an et op seng berufflech Zukunft virbereeden. D'Schoul soll d'Kand léieren, seng Responsabilitéit an der Gesellschaft ze iwwerhuelen, dat am Geescht vun den demokratesche Wäerter.

D'CSV begréisst et ausdrécklech, dass d'Missioun vun der Schoul an engem vun den dräi Basistexter iwwert d'Organisatioun vun eisem Schoulsystem verankert ass. De Statsrot seet, esou eng Bestëmmung hätt an dem Gesetz iwwert d'Schoulflicht keng Plaz. Fir d'CSV ass dëst eng ze vill legalistesch Approche. Wann d'Grondcharta vun der Schoul hir Missioun rechtlech festleet, dann ass dat méi wéi eng Absichtserklärung. Et ass e Kader, un deen all aner gesetzlech Bestëmmung, Reglementéierung oder administrativ Circulaire sech an Zukunft muss halen an orientéieren.

D'CSV-Fraktioun fënnt et richteg, dass an deem Kontext och elo duerch d'Gesetz d'Elteren hir Plaz an der Missioun vun der Schoul hunn. Si si gesetzlech an de Bildungsprozess vun hirem Kand mat agebonnen. Dat ass eng grouss Verantwortung. Et ass e Recht, mä och eng Flicht fir d'Elteren. Si sinn e vollwäertege Partner an der Virbereedung vun dem Kand op seng berufflech Zukunft a seng spéider Roll an der Gesellschaft.

An der Praxis heescht dat, dass op dem Terrain de Kontakt tëschent Enseignanten an Elteren am Interesse vun dem Kand méi enk a méi direkt ass, gëtt oder muss ginn. D'Partnerschaft tëschent Schoul an Elterenhaus ass e feste Bestanddeel vun der Schoul. D'Fleege vun dësem Partenariat geféiert zur Tâche vun dem Enseignant. Et ass en Deel vun der Eltereflicht.

D'CSV-Fraktioun begréisst deemno, dass de Gesetzesprojet iwwert d'Schoulflicht festhält, dass d'Missioun vun der Schoul déi ass, op déi individuell Stäerkten a Schwächte vun dem eenzelne Kand anzegoen. Dës verlaangt natierlech och verstäerkt Mëttelen an der Ausriichtung vun dem Schoulkonzept grad wéi och op dem Plang vun dem Schoulpersonal.

D'CSV ass duerfir der Meenung, dass d'Konzept, dat an deem neie Gesetz iwwert d'Schoulpersonal stoung, wat mer gëschter

diskutéiert an zréckbehalen hunn, nämlech den Enseignant als Generalist a jee no Bedarf mat fachspezifescher Ënnerstëtzung duerch Psychologen, Éducateuren, Ergotherapeuten, Assistants sociaux an esou weider, e richtege Schrëtt op dem Wee vun enger individueller Talentförderung vun deem eenzelne Kand ass. Eng individualiséiert schoulesch Betreiung vun dem eenzelne Kand ass e Pilier vun enger méi grousser Chancëgläichheet.

Här President, wann d'Schoul per Gesetz als Missioun huet, d'Entwécklung vun deem eenzelne Kand ze förderen, dann zielt dat net nëmme fir déi intellektuell Fäegkeeten. Zur Entwécklung vun dem Kand zielt och den Opbau vu senge physesche Capacitéiten. Dëst heescht, dass de Sportunterrecht an Zukunft méi eng grouss Roll an eisem Schoulsystem muss spillen, dat vun dem Précoce an der Spillschoul u bis zum Enn vun dem Lycée.

De Sport ass en Deel vun der Schoul, et ass keen Accessoire. De Sport muss an der Schoul déiselwecht Plaz hu wéi d'Rechnen, d'Franséisch oder d'Däitsch. Et geet net duer, fir dem Schüler a geléiertem Latäin de Grondsaz Mens sana in corpore sano anzetriichteren, an en an der Praxis net ëmzesetzen. Et geet net duer, fir ze lamentéieren, d'Kanner wieren iwwergewiichteg a kéinte kee Kopplabunz, wann de Sportunterrecht allze oft de Rang vun enger Sprangstonn huet.

(Interruption)

Bei deene volle Sportshalen a Piscinen am Land däerft et wuel manner un den Infrastrukturen hänken, d'Effortë musse virun allem gemaach gi bei der Ausbildung vun den Enseignanten, der Qualitéit vun dem Sportsunterrecht a virun allem sengem Stellewäert an dem Schoulsystem.

De Sportunterrecht ass an deem Kontext och kengem seng Chasse gardée. An der Grondschoul ass de Schoulmeeschter als Generalist fir e gudde Sportsunterrecht verantwortlech. Wëllt hien där Aufgab net selwer direkt nokommen, da gehéiert de Sportsunterrecht prioritär an d'Hänn vu Leit, déi doran eng Fachkompetenz hunn. Et ass an deem Kontext net nozevollzéien, dass de Sportunterrecht op ville Plazen am Land an der Grondschoul nach vu Chargés de cours gehale gëtt, a Leit, déi en ofgeschlossene Sportsdiplom hunn, mä sech am Concours fir Sportsproff net en rang utile klasséieren, am Primärschoulunterrecht allze oft nach als Persona non grata ugesi ginn.

Här President, de Gesetzesprojet iwwert d'Schoulflicht regelt och de Sproochegebrauch an eiser Schoul. Och op dësem Punkt war de Statsrot an enger méi legalistescher Approche der Meenung, dass dës Bestëmmungen iwwerflëssig wieren, well d'Regelwierk am Sproochegesetz vun 1984 festgeluecht wier.

D'CSV begréisst et ausdrécklech, dass an esou engem sensibelen a wichtegen Domän wéi der Schoul de Sproochegebrauch spezifesch geregelt ass. Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch sinn d'Sprooche vun eiser Schoul. Si sollen dat och bleiwen. Eng wichteg Roll spillt do grad eis Lëtzebuerger Sprooch. Opgrond vun dem spezifesche soziale Kontext, dee mir an eisem Land kennen, ass d'Lëtzebuergescht fir eis e wichtegen Integratiounsmotor. Dat besonnesch an der Schoul. Fir d'CSV sollt duerfir déi mëndlech Alphabetiséierung an dem Précoce an am Préscolaire op Lëtzebuergesch sinn. Néierenswou léieren d'Kanner méi séier an esou fréi en onkomplizéierten Ëmgang mat eiser Sprooch. Dëst ass e wichtege Facteur vun eiser sozialer Kohesioun.

An de weidere Cyclë vun der Grondschoul ass d'Fro vun där da schréftlecher Alphabetiséierung vill méi komplex, d'Äntwert dorop ëmsou méi schwéier. D'Flicht vun enger méi individueller Betreiung vun deem eenzelne Kand - an dat betrëfft am Sënn vun der Chancëgläichheet all Kand am Land, ob Lëtzebuerger oder net Lëtzebuerger - géif wuel och fir eng differenzéiert Alphabetiséierung plädéiere mat Schwéierpunkt op Lëtzebuergesch a parallell dozou an enger anerer Sprooch, ob Däitsch oder Franséisch, jee no sproochlechem Origine vum Schüler.

Am Groussen a Ganze wier dës Däitsch fir déi Kanner, déi eng germanesch Mammesprooch hunn, a Franséisch fir déi Kanner, déi eng romanesch Mammesprooch hunn. Déi drëtt Sprooch, jee no der Situatioun eben Däitsch oder Franséisch, géif da spéider als éischt Friemsprooch derbäikommen. D'Aschoule géif op dës Manéier méi einfach ginn, well d'Kanner am Ufank an där Sprooch gefördert ginn, déi hirer Mammesprooch am noosten ass, a se gläichzäiteg eng zolidd Basis an där Sprooch kréien, déi fir si am schwéiersten ass. Fir d'CSV muss all Kand no sengem Ofschloss zolidd Kenntnisser vun de Landessproochen hunn, och wann een net all Sprooch op deemselwechten Niveau beherrsche muss. Mir musse mat eiser Méisproochegkeet esou ëmgoen, dass si keng Hürd ass, mä se als e grousse Virdeel am internationale Verglach notzen.

An deem Kontext stellt sech natierlech och d'Fro vun dem Engleschen an eiser Schoul. Op eiser Finanz- a Wirtschaftsplaz hëlt de Stellewäert vun dem Englesche permanent zou. An der Fuerschung ass et net aneschters. D'Erausfuerderung ass also déi, fir dem Englesche méi eng grouss Plaz an eisem Schoulsystem ze ginn, ouni d'Schëff dobäi ze iwwerlueden.

Fakt ass awer och, dass am jonken Alter vum Kand bis den Alter vun 12 Joer bei eis keen Englesch enseignéiert gëtt, grad dann, wann d'Kand eng Sprooch spilleresch am einfachste léiert. Hei stellt sech dann och d'Fro vun dem Niveau, dee mir bei de Kenntnisser vum Däitschen a Franséische verlaangen. Et mag wuel deem engen oder aneren en intellektuelle Kick ginn, wann e Goethe oder Voltaire kann zitéieren, mä doriwwer eraus keeft hie sech op der Sich no enger Aarbecht domadder net ganz vill. D'Ufuerderunge vun der Zäit verlaange jiddefalls, dass mir eis iwwer e méi fréit Aféiere vun dem Engleschen an eise Schoulunterrecht de Kapp zerbriechen.

Et gëtt eng Hällewull Pilotprojeten an all méiglechen Domäner vun der Schoul. Esou wier et och emol un der Zäit, e Pilotprojet iwwert d'Englesch an der Primärschoul ze maachen. Aus eegener Erfahrung weess ech, dass en Engleschcours fir Kanner tëschent sechs an zéng Joer, déi am Kader vun enger Maison relais kierzlech an enger Gemeng ugebuede gouf, déi ech nawell gutt kennen, a manner wéi zwou Stonne komplett ausgebucht war. An d'Waardelëscht gëtt all Dag méi laang.

Här President, een Eckpunkt vun dem Gesetzesprojet 5758 ass d'Verlängere vun der Schoulflicht ëm ee Joer. All Kand ass deemno gehalen, ab dem 4. Joer bis zum Alter vu 16 Joer an d'Schoul ze goen. Fir een, dee 15 Joer al ass, kann dat lescht Joer vun der Schoulflicht och duerch eng Beruffsausbildung ersat ginn.

D'CSV steet fir dës Erweiderung vun der Schoulflicht. Fir eis däerf et awer net nëmme bei enger zäitlecher Verlängerung bleiwen. Duerch eng verstäerkten individuell Begleedung vun dem Schüler op sengem Schoulparcours muss d'Verlängerung vun der Schoulflicht och qualitativ opgewäert ginn.

D'Verlängerung vun der Schoulflicht drängt sech op an engem internationale Kontext. Am Duerchschnëtt ginn an den OCDE-Länner 82% vun de Jonken tëschent 16 an 18 Joer nach an d'Schoul. Bei eis am Land sinn et 72%, also ronn 10% manner. Jonk Leit, déi ze fréi hir Schoul ouni Diplom ofbriechen, fille sech oft an der Gesellschaft marginaliséiert. Erschreckend vill vun hinne fanne keng Aarbechtsplaz, jo wandere bei eis souguer aus. Si gesinn an hirem Heemechtsland keng Perspektiven.

All dat ass fir e räicht Land eng batter Feststellung. Chancëgläichheet an der Schoul heescht och, sech dëse Mëssstänn unzehuelen. Dobäi ass an der rezenter Vergaangenheet op deem Plang vun der Lutte géint de fréizäitege Schoulofbroch vill ënnerholl ginn. De Bericht iwwert de Gesetzesprojet grad wéi d'Avisë vun etleche Beruffskummeren erwähnen hei psychologesch Betreiungsstrukture wéi de SPOS, d'Classes relais, d'Action locale pour jeunes. Dës Moossnamen hu mat bewierkt, dass de Prozentsaz vun de fréizäitege Schoulofbriecher, wéi de Bim Diederich dat elo gesot huet, an de leschte Jore vu 15 op 9% zréckgaangen ass.

D'Verlängerung vun der Schoulflicht bis zum Alter vu 16 Joer ass fir d'CSV e richtegen Usaz, well déi Jonk bis zu enger gewëssener Maturitéit kënnen a mussen duerch d'Schoul begleet ginn. Den differenzéierten Unterrecht, déi individuell Betreiung vun dem Eenzelnen duerch d'Schoul huet also hire Sënn, souwuel am jonken Alter grad wéi am spéideren Alter vun dem Schüler.

All dat bestätegt d'CSV-Fraktioun doran, dass et e richtege Schrëtt ass, d'Missioun vun der Schoul an e gesetzleche Kader anzeschreiwen. D'CSV ënnerstëtzt an deem Sënn och d'Iddi vun enger Schoul vun der zweeter Chance, well mir gesinn doran eng konkret Mesure, fir dass manner Leit ouni Ausbildung herno dostinn.

Mir plädéieren och derfir, dass d'Méiglechkeete vun deem neie Gesetz iwwert d'Beruffsausbildung richteg a schnell ëmgesat ginn. Grad iwwert dës gesetzlech Bestëmmung kënne jonk Leit, déi keng esou liicht Léier hunn, nawell hir praktesch Talenter duerch Certificater oder Diplomer ausgewise kréien. Domat si fir si d'Diere vum Aarbechtsmaart och net definitiv zou.

Här President, de Gesetzesprojet iwwert d'Schoulflicht huet seng Plaz am grousse Reformpak vun eiser Schoul. D'Recht op eng Schoulausbildung ab dem drëtte Liewensjoer, d'Dauer vun der Schoulflicht, d'Recht op eng individuell Talentförderung vun deem eenzelne Kand, Partenariat tëschent Schoul, Kand an Elteren, de Gebrauch vun der Sprooch an der Schoul musse méi wéi eng politesch Absichtserklärung sinn. D'CSV-Fraktioun ass mat dem Kader, deen duerch dëst Gesetz fir d'Schoul gesat gouf, d'accord.

Eng konkret Ëmsetzung vun der neier Missioun vun der Schoul, déi de Jonke bis zum Alter vu 16 Joer elo begleet, plädéiert och fir eng Reform vun dem postprimären Unterrecht. Dëst ass dann d'Aufgab vun der Politik an zukünftege Méint a Joren. Mä ee Schrëtt nom aneren. D'CSV stëmmt haut elo emol dëse Projet, an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Roth, fir Är Ausféierungen. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Berger.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt och dem Rapporteur Merci soe fir säi concisen a gudde mëndlechen a schréftleche Bericht. Vun deene verschiddenen Texter, déi mer am Kader vun dem grousse Schouldébat vun 2009 diskutéiert hunn oder nach diskutéieren, ass et sécherlech deen Text, deen am mannste kontroverséiert ass. Hei ginn e puer wichteg Prinzipie festgehalen, a sécherlech muss een och dësen Text am Zesummespill mat deenen aneren Texter, besonnesch deem vun der Grondschoul gesinn. Et sinn och eng Rei Dispositiounen, déi sech zum Deel kéinten iwwerschneiden, wat awer sécherlech net eng schlecht Saach ass.

Pour mémoire wëll ech och drun erënneren, datt déi viregt Unterrechtsministerin en Text ausgeschafft hat, deen an déiselwecht Richtung gaang ass an deen heimat dann och iwwerschafft ginn ass.

D'Haaptelement an deem virleiende Gesetzesprojet ass dat, datt elo d'Schoulflicht obligatoresch op 16 Joer erweidert gëtt. Keen dierft domadder e spezielle Problem hunn. Et kéint ee sech natierlech froen, firwat dat néideg ass, well am Endeffekt ass u sech net d'Dauer vun der Schoulzäit dat Wichtegst, mä d'Inhalter, dat, wat een an där Zäit léiert a vermëttelt kritt. Net d'Quantitéit, mäi d'Qualitéit vun der Schoul ass relevant, fir et an anere Wierder auszedrécken, a sécherlech ass et do wou mer mussen nach an den nächste Joren usetzen. Mä Virriedner huet et elo grad gesot: Ee vun deenen nächste grousse Chantieren, deem d'Chamber sech muss unhuelen, deem d'Experte sech mussen unhuelen, ass dee vun der Reform vun deene verschiddene Secondairen.

Et ass och kloer, datt am Endeffekt hei Schüler viséiert sinn, déi fréi an eisem Schoulsystem scheiteren an Échecen hunn an déi mer iwwert dëse Wee versichen esou laang wéi méiglech an der Schoul ze halen, fir hinnen ze hëllefen. An ze hoffen, doduerjer, datt se méi laang mussen an d'Schoul goen, hinnen och kënnen e Minimum vu Kompetenzen ze vermëttelen an hinne besser Chancë fir d'Liewen ze bidden.

Ënnert deem Bléckwénkel kéint een dëst Gesetz och e bëssen als en Ausdrock vun Onbehollefkeet a Scheitere vun enger vermeintlecher École de réussite gesinn, well wann d'Schüler eng normal Schoulcarrière am Secondaire maachen, egal a wat fir engem Beräich vum Secondaire, misste se jo geméinlech bis 18, 19 Joer d'Bänk drécken an et bräicht ee guer keen esou en Text.

Mir sollten eis also bewosst sinn, datt d'Schoulschwieregkeete vu Jonken net automatesch geléist sinn, wa se elo amplaz mat 15 mat 16 Joer kënne vun der Schoul goen. Duerfir muss een och dësen Text am Zesummenhang gesi mat anere Projeten, wéi zum Beispill deem vun der École de la deuxième chance.

Ech wéilt domadder net schonns dem Projet, dee mer wäerten an den nächste Wochen och an der Kommissioun diskutéieren an ënnert d'Lupp huelen, den Aval ginn. Vill méi wëll ech soen, datt mer egal wéi och an der Flicht sinn a bleiwen, fir Konzepter a Solutiounen ze fanne fir déi Schüler, déi ze fréi an ouni Ofschloss aus eisem Schoulsystem de Moment erausfalen.

Ech kommen elo op verschidden Dispositiounen aus dem Gesetz, déi ech kuerz wäert kommentéieren. Ech ginn net op all Punkt an; de Rapporteur huet dat gutt an exzellent gemaach.

Ee Punkt, deen an der Kommissioun méi laang diskutéiert ginn ass, ass den Artikel 5, wou et ëm d'Droe vu Symboler oder Insignen, wéi dat op Franséisch heescht, geet, déi Ausdrock vun enger reliéiser oder politescher weltanschaulecher Iwwerzeegung sinn. Et gëtt festgehalen am Gesetz, datt d'Enseignanten net esou Insignen dierfen droen. Dat kënne mir och voll ënnerstëtzen. Si enseignéiere viru Kanner, déi aus ënnerschiddleche Kulturen a Relioune kënne kommen, an do dierft keng Preferenz am Respekt virun de Kanner, virun hiren Opiniounen affichéiert ginn. D'Enseignantë mussen dat also am Sënn vun der Neutralitéit maachen, wa se Schoul halen.

Bei den Aarbechten an der Kommissioun ass och diskutéiert ginn, wat esou Insignë kéinte konkret sinn. Bei reliéisen Objeten ass dat jo méi evident. Bei politesche wier dat zum Beispill e Pin oder awer och T-Shirten, wou dann e Slogan oder soss e spezielle Message kéint drop sinn. A sech misst dat, wat hei an deem Artikel formuléiert gëtt, eng Evidenz sinn an all öffentlech Schoul an et misst och den allgemenge Regele vun der Fonction publique entspriechen. Hei gëtt dat am Gesetzestext kloergestallt an dat ass gutt esou.

Mä wéi ass et mat de Klassesäll, mat de Raim? Och do dierft et an där Logik an enger öffentlecher Schoul net esou sinn, datt Symboler vun enger Relioun oder enger Partei, egal wat fir enger, opgehaang dierfte ginn. Dat hätt een och kënnen an deem Text preziséiere respektiv an dem Projet iwwert d'Grondschoul, wou et och ëm Gebaier geet, wou Kanner aus verschiddene kulturelle Milieuen oder Kanner, déi och verschidde reliéis oder weltanschaulech Usiichten hunn, zesummekommen. Do soll och de Raum neutral gestalt ginn.

An de Virstellunge vun der DP, datt an der Schoul keng Relioune sollen e Virrecht hunn an datt en allgemenge Wäerteunterrecht amplaz vun engem kathoulesche Wäerteunterrecht soll agefouert ginn, déposéieren ech och zu dësem Projet Amendementer, déi sech an déi Serie vun Amendementer areien, déi ech zu dem Grondschoulgesetz an dem Personalgesetz agereecht hunn, fir datt dat Ganzt e Komplett gëtt.

Amendement 1

L'article 4 est modifié comme suit:

Art. 4.- Dans le respect de la liberté de conscience des élèves, la formation scolaire ne privilégie aucune doctrine religieuse ou politique.

L'article 5 aura la teneur suivante:

Art. 5.- L'enseignant ne peut manifester ostensiblement par sa tenue vestimentaire ou le port de signes son appartenance à une doctrine religieuse ou politique.

(s.) Eugène Berger.

Här President, ech hat och gëschter beim Personalgesetz deen diesbezüglechen Amendement net ofginn, wat ech dann hei nach wäert nohuelen.

2. 5760 - Projet de loi concernant le personnel de l'enseignement fondamental (suite)

Amendement 1

L'article 26 est remplacé par le texte suivant:

Art. 26.- Le cours d'éducation aux valeurs est assuré par un instituteur ou un chargé de cours dans les locaux de l'école que fréquentent les élèves.

(s.) Eugène Berger.

M. le Président.- Merci.